N° 8152
Entrée le 16.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n° 8152 vum 13. Juli 2023 vum honorabelen Députéierten Sven Clement**

1) **Firwat ass d'Informatioun dës Joer méi spéit eraus gaangen?**

Déi genannte Circulaire ass dëst Joer e puer Woche méi spéit erausgaangen, well sécher gestallt wollt ginn, dat d'Applikatioun iwwer déi d'Demande fir de Subside eragereecht ginn operationell wier. T'goufen effektiv e puer kleng Adaptatiounen an dëser Applikatioun virgeholl.

2) **Dann kann een an der Circulaire och nach liesen:**

> ***"Les demandes d'homologations de brevets et diplômes délivrés par une entité autre que le Ministère des Sports - ENEPS, sont à introduire à l'ENEPS avant le 1er janvier 2024 au plus tard."***

**Dës Deadline ass awer net esou am Règlement grand-ducal vum 23ten Dezember 2016 festgehalen. Wéi koum dësen Delai zu stanen, respektiv ass en an engem anere Règlement festgehalen?**

Den Delai, sou wéi am uewe genannte Reglement zitéiert, ass nach ëmmer gülteg. Allerdéngs ass d'ENEPS an der Vergaangenheet mat enger grousser Ufro confrontéiert ginn sou dat si déi sëllegen Diplomer net all kënnen a kierzter Zäit zertifiéieren. An Zesummenaarbecht mat der ENEPS, hu mir dofir den Datum vum 1. Januar 2024 an der Circulaire fixéiert, fir ze garantéieren dat d'Veräiner d'Homologatioun den 1. Mäerz hunn.

3) **Sinn d'Subside fir d'Joer 2022 schonn ausbezuelt? Wa nee, wéi vill Dossiere stinn nach op?**

D'Subsiden fir 2022 si schonn ausbezuelt. Dëst fir déi Dossier'en déi vollstänneg sinn. Allerdéngs stinn der, vun deenen 376 Demanden déi erakoumen, nach 18 op. Dëst well nach Pièce feelen.

**Luxembourg le 16 août 2023**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Engel